CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
01 JUIN 2017

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique
et de la Réforme administrative

Réf. : mfpra_81dx89522

Dossier suivi par :
SCHOOS Françoise
Tél. : 247-83184

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation

Luxembourg, le 01 JUIN 2017

Objet : Question parlementaire N°3018 du 23 mai 2017 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser concernant la vidéo du eGovday 2017

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir ci-dessous ma réponse à la question parlementaire dont question sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Fonction publique
et de la Réforme administrative

Dan Kersch

63, avenue de la Liberté
L-1931 Luxembourg

Tél. (+352) 247-83100
Fax (+352) 26 48 36 16

B.P. 1807
L-1018 Luxembourg

Ministere-FonctionPublique@mfp.etat.lu
www.fonction-publique.public.lu

133 000029 20040525 FR

Äntwert vum Minister vum ëffentlechen Dingscht an der Administrativreform op d 'parlamentaresch Fro n° 3018 vum 23. Mee 2017 vum honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser

Et ass richteg, dass den Zenter fir Informatiounstechnologien de Video, deen den honorabelen Deputéierten ervirhieft, produzéiert huet. De Message gouf eleng ënnert der Responsabilitéit vum CTIE realiséiert; e Fait op deen den Disclaimer am Ufank vun dësem Video och hiweist : "This is a message from the CTIE" ("Dëst ass e Message vum CTIE"). D'ailleurs gouf de Video vu Mataarbechter vum Zenter fir Informatiounstechnologien realiséiert an dëst zu engem groussen Deel am Kader vun hirer Fräizäit. Duerch de Video sinn also keng weider Fraisen entstanen. Et ass och keng Publikatioun vum Video an de Medie gemaach ginn, déi weider Käschte mat sech bruecht hätt.

Et ass net ze bestreiden dass et eng gewëssen Ähnlechkeet tëschent dem amerikanesche President sengem Slogan "America First" an dem Paradigma "Digital first" vum CTIE gëtt an dëst d'Auteure vum Video inspiréiert huet. Allerdéngs erlaben ech mir den honorabelen Deputéierten drop hinzeweisen, dass de CTIE seng Digitaliséierungspolitik schonn zanter 2015 ënnert de Motto "Digital first" stellt an och schonn zanter deem Joer op Foiren an Evenementer mat dësem Slogan Reklamm fir seng Servicer an notamment fir d'MyGuichets-Démarche mécht, also virum Donald Trump senger offizieller Kandidatur fir déi amerikanesch Presidentiellen.

De Video hat als eenzegt Zil d'Virstellung an d'Promotioun vun den Servicer vum CTIE. Well en awer als Kritik um amerikanesche President kéint mëssverstane ginn ass en an der Tëschenzäit vum Server erofgeholl ginn.